ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Broschür « *Maltraitance de Mineur – Procédures à suivre par les professionnels de l'Enfance et de la Jeunesse* » (vum *Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*; dem *Ministère de la Justice* an dem *Ministère de la Santé*) déi am Ufank vum Schouljoer 2018-2019 un d'Léierpersonal am Fondamental verdeelt ginn ass, sinn eng ganz Rei Uweisungen opgezielt, un déi d'Léierpersonal sech am Fall, wou e Kand Affer vu Gewalt a Mëssbrauch ginn ass, hale muss. Dobäi geet et awer esou gutt wéi nëmmen ëm Gewalt oder Mëssbrauch, deem d'Kand an engem ausserschouleschen, z.B. familiären Ëmfeld zum Opfer gefall wier.

An deem Kontext wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen :

1. Ginn et och esou Instruktiounen a Pisten, déi d'Léierpersonal befollege muss, am Fall wou e Kand Affer vu Gewalt an der Schoul gëtt, z.B. wann e Kand ënner dem physeschen oder psychesche Mëssbrauch ze leiden huet, dee vun engem anere Kand ausgeet ?
2. Wat kann an der Primärschoul (Fondamental) konkret ënnerholl ginn, fir den Affer vu Gewalt ze hëllefen?
3. Hu Kanner, déi Affer vu Gewalt an der Schoul ginn, en Angebot vu gratis Hëllef, déi sech direkt un d'Affer riicht? Wa jo, wéi eng Form huet déi Hëllef?
   Wa jo, ginn d'Elteren iwwer déi Méiglechkeeten informéiert ? A wéi enger Form?
4. Wann et där Hëllefe ginn, wéi dacks goufen se an deene leschte Joren an Usproch geholl? Wien huet se kontaktéiert?

5. Wien entscheet, ob verschidde Moossname fir eng Situatioun an der Klass ze verbesseren, kënne geholl ginn? Am Fall wou Léierpersonal sech dogéint wiert, déi Moossnamen ze ergräifen, kënnen se da vun der Direktioun aus imposéiert ginn? Hunn d'Elteren e Matsproocherecht oder gi si gehéiert, wann et drëm geet, fir hir Kanner a Gewalt- oder Mëssbrauchssituatiounen ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten